6 Länder Freundschaftstreffen
6 Nations Friendship Tournament
AUSTRIA 2019

02.07.19

## 2. Training op der Donau bei Hainburg an Éisträich

Mat Uspanung hunn mir haut drop gewaart fir bei d'Waasser ze kommen. No engem Dag ewéi gëschter, wou mir praktesch näischt gefaangen hunn, konnt et am Prinzip jo nëmme besser goen. Dat jiddefalls hunn mir alleguer gehofft.

Mir souzen an der Box 5 direkt niewent den Däitschen déi den ënneschte Sektor haten. An dësen 2 Boxen ass gëschter nach net geféscht gi well d'Hollänner an d'Italiener eréischt haut zu Hainburg ukomm sinn. Eis Fëscherkollegen aus Holland hunn esouguer haut och nach net trainéiert. Mee dat ass bei esou enger Equipe wéi dëser wahrscheinlech och net néideg. Sinn dach praktesch ausschliisslech lauter jonk Nowuessfëscher aus hirem Nationalkader hei präsent.

Zeréck zu eiser Fëscherei. De Gilbert huet vun Ufank un Fësch gefaang, haaptsächlech Plaquetten a Bréissemen, esou dass hien um Enn tëschent 5 an 20 kg an der Filoche hat. Louch et un senger Platz oder un eppes Anescht, dat kann een net mat Sécherheet soen. Eppes ass jiddefalls sécher, hie konnt praktesch di ganz Zäit mat Gewiichter ënner 10 Gramm fëschen, wou seng Noperen deels bis weit iwwer 30 Gramm hunn misste montéiere fir op de Fong ze kommen.

An domat si mir och un der Schwieregkeet vun dësem Parcours. Praktesch all Platz ass anescht. Déi ënnescht 3 Sektoren (Boxe 6 bis 3) leien tëschent enger Bühne déi bis em gutt 25 Meter an d'Donau eragereecht, an engem klengen Hafen. Do ass den Zoch op den ënneschte Stänn zimlech konstant no riets, sou fänkt ab dem Stand 6 d'Waasser un komplett ze changéieren. Duerch de gewaltege Waasserdrock den Donau huet, an duerch den Ëmstand dass den Agang vun dem Hafe weit iwwer 35 Meter an Donau eragereecht entstinn an dësem Beräich Stréimungen an Géigestréimungen déi bewierken dass d'Waasser den een Abléck no riets zitt fir en Abléck mi spéit mat voller Kraaft an di aner Richtung ze goen. Derbäi kënnt nach dass et ebenfalls gär virkënnt dass d'Waasser géint d'Ufer gedréckt gëtt, mee ewéi gesot net onbedéngt op all Platz. Dëst gëtt alles nach duerch en Zoch deen déi grouss Schëffer, déi sech stroumopwäerts quälen, maache verschlëmmert.

Alles an allem, et kann ee soen dass et keng einfach Fëscherei ass, an dass et schwéier ass ee konkrete Plang fir dëst Gewässer opzestellen.
Esou huet de Romain no ufanks ville Schwieregkeeten et fäerdeg bruet awer nach eng gut hallef Dosse schéi Fësch ze fänken. Den Oli huet och, niewent en puer méi klenge Fësch, een decken Aland an ee richteg anstännege Barw gefaang. Een nach mi decke Barw huet him den 20er Nylon gesprengt an säin éischte Materialbroch op dësem Match provozéiert. Iwwregens war dat och de Fall beim Romain. Ech fir mäin Deel hunn op déi ganz kampfstark Barwe verzicht, a léiwer ee puer aner deck Fësch gefaang. Mee éierlech gesot, ech hätt näischt dergéint gehat mech och misse mat esou engem Torpedo ze moossen!

Jiddefalls d'Moral no dësem 2. Dag ass net schlecht a mir hoffen dass dat an den nächsten Deeg net ëmschléit. Egal, d'Fëscherei hei ass absolut net berechebar, a mir sinn esou eng Fëscherei guer net gewinnt. An esou versiche mir haalt eist Bescht ze ginn, ankommen no dëser Woch bestëmmt mat vill neien Erfarungen nees heem op Lëtzebuerg.

MB



# 6 Länder Freundschaftstreffen
# 6 Nations Friendship Tournament
# AUSTRIA 2019





